N°967
Entrée le 04.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.07.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

De leschte Weekend koum et op verschiddene Plazen am Land zou Héichwaasser. Am Süde vum Land sinn deelweis d'Kellere vollgelaf, well d'Waasser aus dem Kanal an d'Haiser koum. De Waasserspigel am Kanal ka bei extremem Ree bis zu der sougenannter Réckstauebene klammen. Dann fëllen sech d'Leitungen am Haus mat de Waassermassen. All Oflaafstell, déi méi déif läit wéi d'Réckstauebene, riskéiert iwwerschwemmt ze ginn, well d'Waassermassen, déi am Kanal keng Platz méi hunn, mat engem staarken Drock en "Auswee" sichen an duerch all Ëffnungen am Haus ouni Réckstausécherung austriede kënnen. D'Éisträichesch Regierung gëtt eng Réi Rotschléi un hir Bieger:innen, wat si solle maachen, fir esou Iwwerschwemmungen ze verhënneren. https://www.wien.gv.at/umwelt/kanal/pdf/infoblatt-ueberflutung.pdf

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann een zu Lëtzebuerg Réckstauklappen bei sech doheem abauen? Wa jo, brauch een hei eng Geneemegung a wéi eng wier dat?

2. Sinn esou Réckstauklappen eppes wat de Staat de Bierger:innen uréit?

3. Kann een zu Lëtzebuerg bei sech doheem ee Kanal ausbauen oder bauen? Wat fir eng Geneemegunge sinn hei néideg?

4. Bei den Toiletten ënner der Réckstauebene réit zum Beispill déi Éisträichesch Regierung hire Bierger:innen, fir "Fekalienpumpen" anzebauen, wëll hei d'Réckstauklappen net de gëeegenten Outil wieren. Dierfen d'Bierger:innen hei am Land dës abauen? Och hei erëm d'Fro, ob een eng Geneemegung brauch a wéi eng dat an deem Fall wier?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten